

Abb. 2. **Arbeitsweise** des Pfluges Abb. 3. der Bodenfräse



4 Gang 8 PS Bodenfräse Abb. 4

Die Fräskultur wird aber heute auch für das weite Gebiet des Plantagenbetriebes, für Edelobstkulturen, Zitrusfrüchte, Reis, Tabak, Zuckerkulturen und auch **für das weite Gebiet aller landwirtschaftlichen Hackkulturen verlangt,** wo es gilt, weite Flächen zu meistern. Auch diese Kulturen verlangen heute die rationelle Fräskultur und durch sie Ertragssteigerungen. Für alle diese Kulturen kommt die handgesteuerte Fräse mit begrenzter Leistung nur zusätzlich zur Bearbeitung zwischen den Pflanzenreihen in Frage. Darum hat A. Grunder & Cie A.-G. **eine Ackerfräse** geschaffen, die aus einem speziell für die Fräskultur konstruierten Landwirtschaftstraktor besteht mit dem eine Ackerfräse von 1,80 m. Arbeitsbreite verbunden ist. (Abb. 1.)

Die Leistung ist erstaunlich. Die **Ackerfräse** bewältigt bei Tieffräsarbeit pro Stunde bis zu ½ ha, bei oberflächlichem Fräsen oder Hakken bis zu 1 ha. und liefert dem Landwirt ganz wie er es wünscht, ein Saatbett in feinster Krümelstruktur oder mit kleineren Schollen auf der Oberfläche. Die Fräse selbst ist leicht abmontierbar, so daß der Traktor auch außerhalb Hack- und Fräszeit zum Mähen, zum Ziehen und als Kraftquelle für stationären Antrieb dient.

Die Jahrhundert-Ausstellung in Diekirch gibt Gelegenheit, die beiden Fräsentypen, die in großen Betrieben sich eigentlich ergänzen, kennen zu lernen.

Abteilung
Landwirtschaft und Bauernstand in Staat, Volk, und Wirtschaft.

(in sämtlichen Räumen des Gymnasiums).

Saal Nr. 1.

GRUNDLAGEN DER LANDWIRTSCHAFT.

Veranstalter: Generalkommissariat.

Künstlerischer Entwurf: Robert Grzonka.

In diesem Saale werden die natürlichen, wirtschaftlichen und soziologischen Grundlagen der Landwirtschaft behandelt. Es wird nachdrücklich auf die Probleme hingewiesen, die für die Zukunft nicht nur des Bauernstandes, sondern des ganzen Landes lebenswichtig sind: Geburtenrückgang, Vergreisung des Volkskörpers, Landflucht.

Saal Nr. 2.

DE LETZEBURGER BAUER VIRUN 1000 JOER.

Veranstalter: Generalkommissariat.

Mitwirkende Künstler: E. Probst, J. Probst, R. Gerson.

Dieser Saal zeigt wie ein großes, aufgeschlagenes Bilderbuch die Geschichte der luxemburger Bauern von der Vorgeschichte bis heute mit besonderer Berücksichtigung der letzten 100 Jahre. Der Text an den Wänden lautet wie folgt:

D'Landwirtschaft aß bâl eso âl wé d'Menschhèt. Schon an der Sténzeit hun d'Leit Pärd a Schwein gehâlen.

Önnert de Rémer huet d'Landwirtschaft a speziell den Ackerbau é gro'ßen Opschwonk matgemacht. D'Ackergeschir go'f verbessert, 't aß me' Ve' gehale gin, d'Möscht go'f op d'Feld geféert, den Uebst- a Gardebau huet sech entweckelt an dé bekannt rémesch Strossen (Kiemen) hun den Handel mat de Landprodukten méglech gemacht. Schon dé Zeit hâten d'Eslecker Hâmen e gudde Numm; si go'fe bis an d'Rémerreich exportéert an op de rémeschen Festdinéen als Delikateß servéert.

De Weinbau go'f ageféert, an de rémeschen Dichter Ausonius huet an engem schéne Gedicht eis Musel besong.

Önnert de Franken, dé öm 440 d'Rémer verjot hun, si gro'ß Gidder entstan; speziell d'Beienzucht hut sech entweckelt; Böscher an Hecken sin ausgestackt gin.

Wé d'Land ugefang huet chröstlech ze gin, du hun Kléschter vill fir de Fortschrett vum Ackerbau gemacht. Si hun Wisen be- an entwässert, Brekken a Weer gebaut, Hecken an Böscher ausgestackt, an Baueren hu manches bei de Poteren geléert.

Önnert dem gro'ßen Frankenkéser Karel, dé vill an d'Land op d'Juecht komm aß, well hen hat zu Beslek (Belsonacum) do uewen am Esleck eng Burg, sin eis Bauereleit e gud Steck viru kom. Am Eslek go'fen Mustergidder ugeluegt a besonnesch den Uebst- a Gartebau aß op d'Hecht komm.

Öm dé Zeit ongeféer fänkt d'Lehnswiesen un. D'Bauere lossen sech durch de Burghèr schützen; duefir awer sin se dem Burghèr én Dél vum Erdrag vun hire Stecker schölleg an sie musse fir e schaffen; sie hun dât gemacht, well sie haten de Schutz nédeg.

'T war eng gro'ß Zeit fir d'Land. Sei Numm aß an Weltgeschicht agang. Et huet dem deitsche Reich Késer an Kinneken, der Kirch Beschofen an Héleger geschenkt. Aus engem klengen letzeburger Dorf aß de Péter vun Uespelt erfirgang, den Erzbeschof vu Mainz a Kurfürst go'f, a vill ze soen hât bei déne Gro'ßen vun deser Welt.

1443 aß Letzeburg önnert friem Häre komm. Fir d'escht waren et d'Burgunder, du kummen d'Spuenier. 'T ware schlemm Zeiten fir d'Land a fir d'Baueren.

Den 30jährege Krig huet eis d'Hongersnot an d'Pescht brucht. Démols si ganz Dierfer ausgestuerwen. D'Land huet weit iwert d'Halschent vu sengen Awunner a neng Zengtel vu sengem Reichtom verluer.

Önnert der ésterreichescher Herrschaft (1714—1795) kumm nés eng besser Zeit fir 't letzeburger Land a fir seng Baueren, besonnesch önner der gro'ßer Késerin Maria Theresia (1740—1780). Iwerall am ganze Land go'fen dé gro'ß Bauernhaiser mat Kelleren, a mat hége Fensteren a mat déne schénen geschnötzten Diren gebaut; aus der Zeit fanne mer nach eng Mass schén al Miwelen, dé eis beweisen, dat démols de Bauerenstand kulturell he'ch stung.

D'Gromperen an de Klé go'fen agefo'ert, d'Wisen verbessert an dreche geluegt, d'Maria Theresia huet den éschte Kadaster geschâft, an de Weinan den Uebstbau hun sech entweckelt

Fir d'Pärdszucht op d'He'cht ze brengen, go'fen Pärdskonkuren organise'ert.

1795 kum d'Land u Frankreich nodem d'Estreicher d'Festung Letzeopgin hâten. D'franzésch Herrschaft huet de Baueren d'Freihét vun der Lehnsherrschaft bruecht, ma si huet de Baueren awer och muench nei an dreckend Steieren operluegt, an d'Bauerejonge sin ausgehuwe gin fir mat an de Krig. D'Assignaten (dat Geld vun der Zeit) aß op neischt gefall, an et ko'men erem schwéer Zeiten. D'Baueren hâten Angst et ging fir d'Freihét an de Glaf, an du hun se sech zesummen gedon a si gént d'Franzo'se gang; de Klöppelkrig aß ausgebrach; me mat hire Gréfer a Klöppelen a Phiseker konnten Baueren net vill gént d'Zaldote machen, dé militärisch gedrillt a gudd ausstaffe'ert waren. Mä dorno, önner dem Napoleon, kuemen awer zimlech gut Zeiten: de Pärdshandel gung gut, d'Lo' war gesicht an Gierwereien hâte völleg ze dun, an och esu d'Wewereien.

1799 huet den „Département des Forêts", wé démols eist d'Land gehéscht huet, eng Kommissio'n fir den Ackerbau, den Handel an d'Konscht kritt. An engem Wuert, an der Ackerbautechnik go'fen Fortschretter gemach.

1815 aß d'Letzeburger Land fir zwét gedél gin, an dat wat derfu blo'f, ko'm un den hollänneschen Kinnek, den et als eng holännesch Provenz behandelt an ausgenotzt huet. Schwe'er Steieren hun de Bauer bedreckt, d'Armut war gro'ß; 1828 eleng sin 150 Bauerenfamiljen an Amerika ausgewandert. 1830 hun d'Baueren, mä oni d'Hâptstât dé belsch Revolutio'n matgemacht vir aus dem Misär erauszekommen, an d'Land go'f belsch.

Me zu gleicher Zeit aß d'Land nes e gut Steck mé kleng gemât gin; t'huet de wallo'nischen Dél verluer an et huet dodurch de sprochlech Enegkét kritt, dé eng vun déne stärkste Grondlagen vu senger Egenart aß. — T'huet niewt dem walloneschen Dél nach Stied an Dierfer verluer, de letzeburgesch schwetzen.

Jorelang konnten d'Letzeburger net iwer hir nei Onofhängegkét fro' gin. De Kinnek huet als ewescht Beamten zwe'n Auslänner, den Hassenpflug an de Stift dohi gesat, dé d'Egenart vum Land net verstan a net respekte'ert hun. D'Letzeburger hun sech derge'nt gewiert so' gut we' se konnten. „Hassenpflug und Stift, die haben das ganze Land vergift", huet et gehéscht.

1840 hun d'Miseler de schlechte Wein vun dem Joer „Hassenpflug" genannt. Am nämlechte Jor huet den Hassenpflug du seng Demissio'n gin.

1839 endlech aß no langen a schwéeren Zeiten d'Freihêtssonn nés opgang. Dat war den Ufank vun der schéner Period vun enger neier Onofhängegkét, vun der mer det Jor den Centenär iwerall am ganze Land so' andächteg an eso begéstert feiern.

1840 aß eng Ackerbaugesellschaft fir d'Gro'ßherzogtum Letzeburg gegrönnt gin. Em dé nemlecht Zeit sen am Land dé éscht landwirtschaftlech Bicher geschriwe gin et dé éscht landwirtschaftlech Zeitongen erauskomm. Den Dombasle Plo' go'f agefoert, an no an no huet de landwirtschaftleche Betrieb sech mechaniséert. 1856 go'f dé éscht Ackerbauscho'l zu Echternach gegrönnt. Öm 1865 go'fen dé éscht Versucher mat Konschtdünger gemach. 'Twar iwerhapt eng Zeit vu Fortschrött an der Landwirtschaft. D'Eisenbunnen hun d'Stied an d'Dierfer me' no zesummenbruecht. Dodurch sen nei Ofsatzgele'enheten entstan. De Bauerebetrieb huet sech no an no op d'Martproduktio'n an op d'Geldwirtschaft emgestallt.



Die Bauern unter Maria Theresia.

Ein Bild von Emil Probst aus dem historischen Saal der Ausstellung.

1867 ko'm d'Land a Gefor. No enger schwé'rer internationaler Krisis go'f de Londoner Vertrag ofgeschloß, durch dén d'Letzeburger Onofhängégkét gefestigt an d'Land önner der Garanti vun de Gro'ßmächt fir e'weg neutral erklärt gin aß. D'Preisesch Besatzung aß aus der Festung Letzeburg ofgezun. Domat aß dé lescht Aschränkong vun der letzeburger Suveränite't gefall. Dé glécklech Lesong vun der Krisis vun 1867 aß an éschter Linnég dem Prönz Hari ze verdanke gewest, dén zenter 1850 d'Land als Statthalter gefe'ert huet.

Dorno ko'm è gro'ßen Opschwonk fir d'Land. D'Thomasverfahren huet et erlâbt gudde Stôl aus eiser Minett ze machen, an zu gleich aß d'Thomas-

miel, en ausgezèchneten Konschtdünger erausgefall. So huet d'Industri sech mächteg entweckelt, an d'Landwirtschaft konnt an Zeit vun e puer Jorzengten d'Erträg vum Hektar verduebelen. De Reichtum vum Land verdanke mer der Erfindung vun den Englänner Thomas a Gilchrist.

1875 go'f zu Weiswampech dén éschten landwirtschaftleche Lokalverein gegrönnt. 1883 hun der schon 17 bestan, an an dem Jorzengt dorno aß bâl an all Duerf e Lokalverein entstân.

1880 go'f eng Ackerbauscho'l un d'Oberprimärscho'l vun Ettelbreck ugeschloß, 1883 go'f d'Ackerbauscho'l selbständegt Institut.

Dem Pol Eyschen, den 1888 Staatsminister go'f, huet eis Landwirtschaft ganz vill ze verdanken. Op seng Initiativ aß 1883 d'Ackerbauverwaltung an d'Liewe geruff, an d'Gesetz iwer d'Meliorationssyndikate geschâfe gin. Eist landwirtschaftlecht Genossenschaftswiesen aß zu engem gro'ßen Dél sei Verdengscht.

Öm de' Zeit we' de' éscht landwirtschaftlech Genossenschaften entstane sin, we' d'landwirtschaftlech Maschinen an de Konstdünger agefo'ert go'fen, we' de' éscht landwirtschaftlech Zeitongen eraus ko'men an d'Ettelbrecker Ackerbauscho'l gegrönnt go'f, huet de' gre'ßte letzeburger Dichter de Michel Rodange e Buch geschriwen: „Dem Le'weckerche sei Lidd", dat dem Bauer an enger poetescher Form Opklärong iwer technisch a wirtschaftlech Froe get.

1866 go'f zu Dideleng den éschten Thomasstôl fabrize'ert. Am nämmlechte Joer go'f eng Weinbaukommisfio'n gegrönnt an de' éscht Lokalwenzervereiner sin entstân.

1892 go'f de' éscht Duerfmolkerei zu Hassel gegrönnt an de' éscht Zentrifug opgestallt.

1894 go'f de Landesuebstbauverein gegrönnt.

1898 hun d'Konzessio'nsverträg mat de Schmelzen eiser Landwirtschaft d'Thomasmiel, de Letzeburger Nationaldünger, zu engem nidrege Preis gesechert.



Die Auswanderer in den Elendsjahren der ersten Hälfte des 19. Jahrhunderts.

Ein Bild von Emil Probst aus dem historischen Saal der Ausstellung.

1900 go'f d'Gesetz iwer d'Landwirtschaftlech Genossenschafte gestömmt. Dat Gesetz aß bis haut d'juristesch Basis vun dene meschte vun eise landwirtschaftleche Genossenschaften.

De Zeit vu 1900 bis 1914 wor eng Zeit vu gro'ße Fortschretter an eiser Landwirtschaft. D'Feldwéer go'fen ausgebaut, op de Stecker an an de Wisen go'fe Meliorationsarbechte gemach, de Konstdünger an d'Maschinen hun sech emmer mé ausgebret an d'ganz Landwirtschaft huet sech mé a mé genossenschaftlech organise'ert.

1909 go'f de Verband vun de Landwirtschaftliche Lokalvereiner gegrönnt. An der Gröndongsversammlong huet ken anere we' de Staatsminister Pol Eyschen den Zweck vum Verband auserné geluegt. D'Lokalvereiner an de Verband hun den technesche Fortschrett an den Dierfer op d'Hécht bruecht.

1919 go'f de' éscht Zuchtgenossenschaft gegrönnt. T'war den Ufank vun enger organise'erter Rendve'zucht. 1913 go'f d'Land an zwe'n Zuchtbezirker fir schwarz-bont a ro't-bont agedelt.

De Krig huet d'Land geléert wat et un senger Landwirtschaft hât. Me d'Produktion vum Land aß net duergang fir d'ganzt Vollek gut ze ernieren. 1915 go'fen d'Bro'tkarten ageféert; jidderen hât nemmen 250 Gramm Bro't oder 200 Gramm Miel den Dag ze gutt. 1916 go'fen och Botter- a Fleschkarten agefe'ert.

1919 huet d'Letzeburger Vollek sech an enger Ofstömmong mat enger immenser Majorite't zu senger Herrscherin an domat zu senger nationaler Onofhängegkét bekannt.

1921 huet Letzeburg mat senge belsche Noperen e Wirtschaftsvertrag ofgeschloß. dodurch aß d'letzeburger Landwirtschaft, dé sech un d'Schutzpolitik vum deitschen Zollverein gewinnt hât, op émol önner é Freihandelsregim gefall, den et net erlabt huet, d'Preißer weit iwer de Weltmarktpreis op der Hécht vun de Keschtepreißer ze hâlen. Mä fir de Frûchtbau, dén zu de Weltmarktpreißer richteran onrentabel gewiescht wir, ze önnerstötzen go'f én Artikel an de Vertrag ageschriwen, dén der letzeburger Regierong et erméglecht huet, de Bauren eng Prim fir hir Frucht- a Karstecker ze bezuelen.

D'Landwirtschaft huet gesicht, sech durch d'genossenschaftlech Organisatio'n ze höllefen. No a no sin de Studbook, d'Raiffeisenorganisatio'n, d'V. G. L. M., d'Celula an d'Uebstverkâftsgenossenschaften entstân. D'Miseler hun durch hir Rekonstruktio'nsyndikater an hir Kellereigenossenschaften hire Wein eso' verbessert, dat en d'Nationalgedrenks vum letzeburger Vollek gin aß.

1924 go'f d'Landwirtschaftskammer a 1930 de landwirtschaftleche Melioratio'nsfong gegrönnt. 1932 aß de' nei Ackerbauscho'l vun Ettelbrek opgang. Den 23. Me 1935 go'f eng nei Konvention mat Belgien ofgeschloß, de' et erlabt huet wichteg landwirtschaftlech Produkter gent de' ausländesch Konkurrenz ze schützen. Op Grond vun dem Schutz konnt den Inlandsmart geregelt gin, de Möllechregime go'f opgericht, an de Fruchtregime go'f ausgebaut. So go'f d'Rentabilite't vun zwe' vun dene wichtigsten Deler vun der Landwirtschaft garante'ert. 100 Jor Freihet hun d'Landwirtschaft ongeheier an d'Lucht bruecht. So' konnten d'letzeburger Baueren d'honnertjäregt Jubiläum von der Renaissance an eiser Onofhängegket mat Stolz durch eng gro'ß Ausstellong önner dem Protektorat von H. K. H. der Gro'ßherzogin Charlotte feiern.

Die den Text illustrierenden Bilder stammen von E. Probst. Das Monumentalbild im Hintergrund stellt eine Bauernfamilie dar. Es ist ein Werk von J. Probst. Die beiden Bauerngestalten (von J. Probst und R. Gerson) versinnbildlichen den Luxemburger Bauernstand 1839 und 1939. In den Vitrinen Dokumente der Geschichte des luxemburger Bauerntums und der Luxemburger Landwirtschaft.